«Dank eures Empfangs, eurer Freundschaft und eures Enthusiasmus ist ein kleines Wunder gelungen: Aus zwei Orchestern wurde eine einzige große musikalische Familie», sagte Ney in seiner Dankesrede an die Gastgeber. Dass diese Freundschaft keine Floskel ist, zeigte sich auch in den vielen kleinen Gesten. Die HMG überreichte ihren belgischen Freunden unter anderem eine eigens gestaltete Trommel mit den Logos beider Vereine und der Aufschrift «Musique – Amitié – Fraternité».

Ein historischer Moment am Menen-Tor

Einer der bewegendsten Programmpunkte führte die Musiker nach Ypern. Gemeinsam begleiteten die beiden Harmonieorchester die traditionsreiche Last-Post-Zeremonie am Menen-Tor. Erstmals seit Einführung der Zeremonie im Jahr 1928 wurden dabei ausdrücklich auch die 34 Luxemburger Opfer des Ersten Weltkriegs geehrt.

Vor der Gedenkfeier marschierten die beiden Orchester mit insgesamt 109 Musikern durch die Altstadt bis zum Menen-Tor. Luxemburgs Botschafter in Belgien, Jean-Louis Thill, legte gemeinsam mit Vertretern der Städte Menen und Ypern einen Kranz nieder. Menens Bürgermeister Eddy Lust sprach von «einem beeindruckenden musikalischen Moment und einem schönen Symbol der Erinnerung, der Verbundenheit und der Freundschaft über Grenzen hinweg».

Orchestre de Chambre du Luxembourg

Orchestre de Chambre du Luxembourg

Texte : **OCL** | Photo : **OCL & Bunker Palace** **www.ocl.lu**

Prix Anne & Françoise Groben

Ouvert aux instrumentistes et chanteurs de toutes nationalités issus d'un établissement d'enseignement musical du Grand-Duché de Luxembourg, le Prix Anne & Françoise Groben s'adresse aux candidats âgés de de 15 à 25 ans – et jusqu'à 30 ans pour l'art lyrique.

Créé par l'Orchestre de Chambre du Luxembourg, il distingue une personnalité artistique hors pair et offre à de jeunes musiciens un véritable tremplin pour la suite de leur parcours.

Le prix rend hommage aux sœurs Anne Groben, violoniste, et Françoise Groben, violoncelliste, figures marquantes de la scène musicale luxembourgeoise et membres fondatrices de l'OCL. Tous les finalistes reçoivent un prix décerné par un jury composé de personnalités représentatives du milieu musical.

Alors, prêts pour cette troisième édition ?

RENDEZ-VOUS LES 16 & 17 AVRIL 2027 POUR LES DEMI-FINALES
Au Conservatoire du Nord d'Ettelbruck
Date limite de candidatures : 15 février 2027

Stage de formation au métier de musicien d'orchestre

Ce stage s'adresse aux musiciens qui souhaitent se préparer au métier de musicien d'orchestre ou approfondir leur expérience professionnelle.

Le stage consiste en une participation à trois productions, fixées d'un commun accord entre l'OCL et le stagiaire en fonction des possibilités offertes par chacune d'elles. Le stagiaire prend pleinement part aux activités de l'Orchestre : répétitions, concerts et déplacements…

PUPITRES CONCERNÉS : VIOLON, VIOLONCELLE, CONTREBASSE, CLARINETTE, BASSON ET COR

Lieu de l'audition; Ecole régionale de musique de Dudelange

Date limite de candidature : 16 novembre 2026

Date d'audition : 7 décembre 2026

En collaboration avec le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Informations : www.ocl.lu / info@ocl.lu





Harmonie Useldeng

Aktivitéiten vun der Harmonie Useldeng

Text & Fotos : • **Charles REISER**

E mageschen Owend mat der Harmonie Useldeng

Den 23. Mee 2026 huet d'Harmonie Useldeng hiren traditionelle Galaconcert ënnert dem

Thema „Zauberei" presentéiert. Passend zum Motto stoung de ganzen Owend am Zeeche vun der Magie.

Mat vill Kreativitéit, Zäit an Engagement gouf d'Sportshal an e richtege Concertssall verwandelt. D'Hal war kaum rëmzeerkennen an huet de Public direkt beim Erakommen an eng zauberhaft Atmosphär versat.

Un der Virbereedung an der Gestaltung vun der Dekoratioun ware vill Leit bedeelegt. Eis trei Hëllefsengelen, d'Mamme vun eiser Jugend a vill Fräiwëlleger hunn déi ganz Hal passend zum Thema dekoréiert. Och d'Kanner aus der Grondschoul Useldeng hunn, wéi all Joer, vill verschidden Dekorationselementer gebastelt an domat zu dëser eenzegaarteger Kuliss bäigedroen.

Fir e flotte musikaleschen Ufank vum Concert huet d'Jugendmusek ënner der Direktioun vum Pick Karin gesuergt. Si huet mat deenen zwee Stécker „Nessaja" vum Peter Maffay an „Song from the Musical Tabaluga" arrangéiert vum Kurt Gäble, de Public begeeschtert an domat de Concert stëmmungsvoll agelaut.

Ënnert der Leedung vun hirem Dirigent Weyland Christophe huet d'Harmonie Useldeng dem Public en ofwiesslungsräichen a qualitativ héichwäertege Programm presentéiert. Mat vill Engagement an enger gelongener Auswiel u Museksstécker hunn d'Musikantinnen an d'Musikanten d'Visiteure begeeschtert.

Mat vill Charme an Humor ass de ganze Concert vum Moltalto Paul präsentéiert ginn, deen de Public mat interessanten Erklärungen an enger sympathescher Moderatioun duerch de Programm geféiert huet.

E weidere flotte Moment vum Owend war d'Iwwerreechung vun engem Scheck am Wäert vun 1.000 € un d'Stëftung Parkinson Luxembourg a.s.b.l.. Mat dësem Don wollt d'Harmonie Useldeng d'wichteg Aarbecht vun der Associatioun ënnerstëtzen an hir Solidaritéit mat de Betraffenen an hire Famillje weisen.

Duerch d'Zesummespill vu Musek, Beliichtung an Dekoratioun gouf de Public an eng ganz besonnesch Zauberwelt entfouert. Esou gouf de Galaconcert vum 23. Mee zu engem aussergewéinlechen Erliefnis, dat de ville Visiteuren nach laang an Erënnerung bleiwe wäert.

Ofschlossconcert 2026

De 14. Juli 2026 huet d'Harmonie Useldeng mat hirem traditionellen Oofschlossconcert op der Place Tit Schroeder eng erfollegräich Musekssaison ofgeschloss. Bei schéinstem Summerwieder hunn sech vill Gäscht afonnt, fir zesummen e gemittlechen a musikaleschen Owend an enger flotter Atmosphär ze verbréngen.

Den Owend gouf vun eiser Jugendmusek ageleet. Déi ganz Kleng, grad ewéi déi méi Grouss, konnten dobäi hiert musikalescht Talent ënner Beweis stellen.

Präsentéiert gouf dem Public e lockeren an ënnerhalsame Programm. Mat enger ofwiesslungsräicher Auswiel





u bekannte Melodien, modernen Arrangementer a schwongvolle Rhythmen ass fir all Musiksgeschmaach eppes dobäi gewiescht.

E ganz besonneschen an emotionalen Ament vum Owend war dem laangjärege Musikant John Weber gewidmet. Zënter 2016 war hien e geschätzte Member vun der Harmonie Useldeng a war mat vill Freed an Engagement Deel vun eisem Veräin. Wéinst senger Krankheet huet hien elo selwer decidéiert, seng musikalesch Aktivitéit op en Enn ze setzen.

Als Zeeche vun Unerkennung an Dankbarkeet huet d'Harmonie Useldeng him als Iwwerraschung d'Musekssteck „Always on my mind" gewidmet. Wärend dësem Stéck huet de President sech mat e puer perséinlechen a häerzleche Wierder un de John geriicht an him Merci gesot fir seng Joren am Déngscht vun der Musek an dem Veräin.

Dëse beweegende Moment huet net nëmmen de John, mee och vill Leit am Public beréiert. Mat Tréinen an den Aen huet hien déi léif Wierder entgéintgeholl. Et war en Ament voller

Emotiounen, Dankbarkeet a Frëndschaft, deen nach laang an Erënnerung bleiwe wäert.

Mat dësem Ofschlossconcert geet eng erfollegräich Saison op en Enn.



Hämmelsmärsch 2026

Och dëst Joer war d'Harmonie Useldeng nees duerch Stroossen an der Gemeng ennerwee. Esou hu mir de 17. Mee 2026 zu Iewerleng, den 31. Mee 2026 zu Schandel an den 19. Juli 2026 zu Useldeng mat eiser Musek fir flott Stëmmung gesuergt.

Fir d'Musikanten an Musikantinne sinn dës Optrëtter ëmmer rëm eng flott Geleeënheet, fir den Leit ons Freed un der Blosmusek matzedeelen.

1t. Meefeier

Den 1 Mee ass schonn en Datum am Kalenner, dee bei onse Musikante grouss ugestrach ass. Och dëst Joer huet d'Harmonie Useldeng den 1. Mee op traditionell Aart a Weis gefeiert. De Moien huet mat engem flotte Rendez-vous am Bësch ugefaangen, wou eis Musiker a Jugendmusikanten déi néideg Äscht a Grëngs gesammelt hunn, fir Meekränz ze bastelen.

Vill schéi Meekränz sinn entstan an dobäi hate mer e puer richteg geselleger Stonnen am Bësch. Dës Traditioun ass fir d'Harmonie all Joer e schéine Moment, bei deem d'Jugend aktiv mat agebonne gëtt.

Nodeems Kränz fërdech waren, ass d'Harmonie duerch d'Duerf gezunn an huet bei de Plazen, wou d'Meekränz opgehaange goufen, traditionell Märsch gespillt. D'Awunner hunn d'Musek genoss an d'Musekanten häerzlech empfaangen.

Den Dag ass duerno hannert dem Centre Culturel an enger gemittlecher Atmosphär ausgeklongen. Beim Grillen hu Musekanten, Familljen a Frënn nach e puer flott Stonne matenee verbruecht. Esou war dës 1. Mee-Feier erëm e gelongenen Dag, deen Traditioun, Musek a Gesellegkeet op eng schéin Aart a Weis verbonnen huet.



Harmonie Klengbetten

Dag bei der Baach 2026 zu Stengefort

Text : **Jil THURMES** | Fotos : **Harmonie Klengbetten** **www.hklb.lu**



De 5. a 6. September huet den „Dag bei der Baach“ 2026 fir eng ganz besonnesch Ambiance am Park hannert der Stengeforter Gemeng gesuergt. Mat méi wéi 50 Handwierks- a Konschtstänn (esou vill wéi nach ni), gudder Musek an engem herrleche September-Wieder war fir jiddereen eppes dobäi.

Fir déi richteg musikalesch Stëmmung hunn Zero Point Five, Josh Island, 7 Moukekingen, Authentica, Maya Maunet a Les Diapasons de Meix-le-Tige gesuergt.



Och kulinaresch koum keen ze kuerz: Vu Kniddelen iwwer Flammkuchen bis hin zu Loaded Fries war fir all Goût eppes dobäi. A fir de séissen Ofschloss gouf et lecker Eisekuchen a Paangecher.

Am beléifte „Faulen Eck“ goufen ewéi gewinnt lecker Cocktailer zerwéiert a Sonndes goufe Workshoppe vun Animatrix ugebueden.



Dëst Joer huet och d’Galerie CollArt hir Dieren opgemaach. Do hunn 10 Kënschtlerinnen a Kënschtler aus der Regioun hir Wierker ausgestallt an dem Weekend nach eng ganz besonnesch kulturell Note ginn.

Et war e flotte Weekend voller Liewen, Musek a gudder Laun, zesumme mat Famill a Frënn. E grousse Merci geet un all eis Fräiwëlleger, déi mat ugepaakt an zum Erfolleg vun dësem Weekend bäigedroen hunn, un d’Aussteller, d’Techniker, d’Museker an natierlech un all eis Visiteuren. Och der Gemeng Stengefort soe mir villmools Merci fir hir wäertvoll Ënnerstëtzung!

Mir freeën eis elo schonn op déi nächst Editioun vum „Dag bei der Baach“, déi de 4. a 5. September 2027 stattfënnt!



HARMONIE MUNICIPALE DE MONDERCANGE

Monnerecher Musek

D'Monnerecher Musek um World Music Contest zu Kerkrade !

Text & Fotos : **Monnerecher Musek** **www.monnerecher-musek.net**

Vum 25. bis de 26. Juli war d'Harmonie Municipale de Mondercange um World Music Contest (WMC) zu Kerkrade an Holland mat dobäi.

De WMC ass ee vun de renomméiertste Musiksconcoursen aus Europa, wann net esouguer weltwäit.

Wou mir matkritt hunn, dass dëse Concours 2026 erëm géif stattfannen, hu mir et eis net huele gelooss eis fir dës Editioun unzemellen, a vum Momentum ze profitéieren, dee mir 2025 mam Concours vum Flicorno d'Oro zu Riva del Garda an Italien haten.

Vu September 2025 un ass d'Pflichtstéck "Evolutions for Winds" vum lëtzebuerger Komponist Marco Pütz geprouft ginn an och op 3 Concerten hei am Land opgefouert ginn.

Nieft dem Pflichtstéck huet eisen Dirigent, de Sebastian Geis, nach 2 weider Stécker ausgewielt gehat, an zwar "Flashing Winds" vum Jan van der Roost a "Moving Heaven an Earth" vum Philip Sparke.

All dës Wierker goufen an deene leschte Wochen a Méint virum Concours intensiv geprouft, wat sech dann och e Sonndeg, de 26. Juli um 15 Auer am Theater vu Kerkrade, weise sollt.

30 Minutte laang hu mir op der Bün eise Programm presentéiert, dee spéider vum internationale Jury mat 91,44/100 Punkte sollt ausgezeechent ginn.

D'Monnerecher Musek ass domadder ob déi 4. Plaz vu 14 Museken an der 3. Divisioun fir Harmonieorchestere komm, a gouf mat enger Goldmedaile mat Distinctioun ausgezeechent.



No esou engem Resultat waren d'Emotioune bei eise Musikanten a Supportere grouss, an et sinn dach e puer Tréinen aus Freed gefloss. Esou en Ausfluch mam Veräin ass net nëmmen eng musikalesch Beräicherung fir den Orchester, mee stäerkt och den Zesummenhalt an d'Engagement vun all senge Member.

All deenen, déi d'Monnerecher Musek ënnerstëtzt hunn dës Reess op de WMC ze verwierklechen, gehéiert e grousse Merci!

Mat dësem kréinenden Highlight zum Schluss vun der Saison 2025/2026, goung et du fir eis an eng wuelverdéngte Summerpaus.

An der Saison 2026/2027 an 2027/2028 gëtt sech dann awer schonn ob deen nächste groussen Highlight konzentréiert, an zwar eisen 125. Gebuertsdag dee mir am Joer 2028 feiere wäerten.

Den Optakt vun dëse Feierlechkeete gëtt e gemeinsame Concert, den 18. Dezember 2027, mam éisträicheschen Trompettist, dem Thomas Gansch. Save the date!




Ambitus

AMBITUS Echternach lädt ein : „Royal Splendour“, 17. Oktober

Text : **Roby SCHILTZ** **www.ambitus.lu**

AMBITUS ECHTERNACH lädt ein : „ROYAL SPLENDOUR“ am 17. Oktober in Echternach im Trifolion (20 Uhr)

Konzert mit Werken von G.F. Händel und M.A. Charpentier.



Die Idee zu diesem Konzert entstand vor einem Jahr bei den Feierlichkeiten zum Thronwechsel in Luxemburg. Solche Ereignisse sind immer mit offiziellen Besuchen und vielen öffentlichen Auftritten verbunden. Hochkarätige Diplomaten aus verschiedenen Ländern nehmen daran teil. Solche Feste könnte man sich ohne Musik nicht vorstellen!

Also lohnt es sich in der Geschichte nachzublättern um herrliche Werke, die für solche Gelegenheiten komponiert wurden, zu finden. Für die Krönung von König George II und seiner Frau Caroline in der Westminster Abbey in London schrieb der deutsch-englische Komponist Georg Friedrich Händel 4 „Coronation Anthems“, die sehr schnell in England und dann auf der ganzen Welt berühmt wurden. Sehr festliche Gesänge, mit Pauken und Trompeten, verkünden majestätisch den neuen Herrscher und beleben die Vorfreude des Volkes auf seine Regentschaft.

Die bekannteste „Anthem“ ist wohl „Zadok the Priest“, die praktisch seit der Uraufführung 1727 bei jedem Thronwechsel in England erklingt. Auch beim Fußball läutet ein Teil von ihr als offizielle UEFA-Champions-League-Hymne die großen Spiele ein.

Der zweite Komponist der zu Ehren kommt ist Marc Antoine Charpentier, der am Hof von Louis XIV wirkte. Er trug zwar nie wegen Intrigen mit Jean-Baptiste Lully den offiziellen Titel „Hofkomponist“, war aber für viele Kompositionen am Hof zuständig. Trotzdem geriet er nach seinem Tod praktisch ganz in Vergessenheit. Seine Werke waren zu seinen Lebzeiten nicht gedruckt worden. Sein wohl bekanntestes Werk ist das „Te Deum laudamus“, das mit der bekannten Fanfare beginnt, die auch Erkennungsmelodie für die Sendungen der Eurovision ist. Wahrscheinlich wurden diese Takte aus dem Vorspiel für Orchester gewählt, um dem zu seinen Lebzeiten im Schatten von Lully wirkenden und später fast ganz vergessenen, großen Komponisten, eine posthume Ehre zu erweisen.

Bei dem vielversprechenden Konzert treten als Solisten die bestbekannte Sopranistin Gerlinde Sämann, der französische Tenor Benoît Porcherot sowie die zwei Luxemburger Jeff Mack (Altus) und Jean-Paul Majerus (Bass) auf, als Orchester steht Estro Armonico für gute Zusammenarbeit bereit. Ambitus, unter der Gesamtleitung von Roby Schiltz, ist für die zahlreichen Chorsätze verantwortlich.

Harmonie Harel

Summer-CONCERT vun der Hareler Musik

Text & Fotos : **Harmonie Harel**

Den traditionelle Summer-Concert vun der Harmonie Harel an der Sportshal vun der Regionalschoul konnt op e neits 250 Nolauschterer mat flotte Wierker aus der Pop-a Rockgeschicht begeeschteren a matréissen.

Den Optakt huet de Jugendensembel aus der Musiksschoul mat hire Chargée Kathy Henon a Sylvain Godenne ënnert der Leedung vun der Dirigentin Hélène Stelandre gemeet.

Duerno gung et weider mam groussen Orchester mat: Hotel California, Elvis the King, Africa, The Beatles 1964, Rolling Stones a Party Rock.

De Publikum huet nick mat Applaus gespuert fir Musikanten, Dirigentin an Jill Jakobs fir déi flott Presentatioun ze belounen.

Zum Schluss vum Concert huet d'Hareler Musik traditiounsgeméiss e Scheck vun 1 000.00€ un „ Päerd's Atelier asbl – Liewenshaff, Merscheet"iwwerreecht, deen Madame Marggy Hedo entgéint geholl huet.

E weideren Héichpunkt war d'Iwwerreechung vun 2 neien Instrumenter : eng nei Tromm vum Här René Schmitz an een neie Piccolo vum Här Bob Rinnen

Nodeems de President Jemp Kass jidderengem Merci gesot huet, gouf et fir hien eng besonnesch Iwwerraschung.

Hie gouf fir 50 Joer Engagement vum Vizepresident vun der UGDA , dem Här Roger ROULLING, mat der Medaile en argent Grand-Duc Adolphe geéiert. De Buergermeeschter Marco KOEUNE huet Schlusswuert gesot am President felicitéiert a Merci gesot.

Mat dem weltbekannten Hit vu Queen, Bohemian Rhapsody, gung de gelongene Concert zu Enn.



Kanner- an Jugendtheater Artistekescht Käl

Fête de la Musique 2026

Text : **Caroline KLEIN** | Foto : **Artistekescht Käl** **www.artistekescht.lu**

D'Artistekëscht Käl-Téiteng ass e Kanner- a Jugendtheaterveräin an ass wéi ëmmer op der kayler Fête de la Musique gutt vertrueden (21 & 22 Juni). Wousst Dir dass d'Artistekëscht nom RTL-Ranking déi 4. Platz krute fir déi Beschte Kniddelen am ganze Land, obwuel se d'Kniddelen nëmmen 2x am Joer maachen an zwar zu Kayl op der Brillplaz.





Mir si kee Restaurant, mee en Theaterveräin a sinn dodrobber ganz houfreg. Dir hutt dëst Joer verpasst eis gutt Kniddele schmaachen ze kommen, da kommt nächst Joer gäre laanscht;) an als Dessert e gudde Panesch.

Biisser Musek

D'Biisser Musek op Ausfluch an d'Belsch!

Text : **Claude SCHUMMER** | Fotos : **Biisser Musek**

Um Weekend vum 11. a 12. Juli huet d'Biisser Musek en interessanten an ofwiesslungsräichen Ausfluch an d'Belsch organiséiert. Um Samschdeg de Moie si mer zu Biissen fortgefuer, fir als éischt déi belsch Haaptstad Bréissel z'entdecken.

Bei der Arrivée gouf d'Reesgesellschaft vun enger Guidin empfaangen, déi eis déi verschidde Facettë vun der Stad méi no bruecht an déi spannend Geschicht vu Bréissel erkläert huet. No engem gemeinsame Mëttegiessen am bekannte Restaurant „Chez Léon" stoung de Besuch vum renommëierten Instrumentemusée um Programm. Do konnte mer Instrumenter aus de verschiddensten Epochen entdecken an och de Kläng aus aller Welt nolauschteren. Den Owend hu mer eng typesch belsch Spezialitéit kennegeléiert an eis d'„Carbonades à la flamande" mat Fritten schmaache gelooss.

De Sonndeg de Moie goung d'Rees weider op Brugelette, wou de berühmten Déierepark Pairi Daiza besicht gouf. E Guide huet de Grupp am Ufank duerch de Park geféiert an dobäi d'Philosophie an d'Architektur vum Site erkläert. Besonnesch déi impressionnant Déieren, dorënner déi wäiss Tigeren, d'Giraffen an déi rout Pandaen, hunn eis begeeschtert.

No dëser guidéierter Visitt hat jidderee Geleeënheet, de Park op eege Fauscht ze entdecken. Vill vun de Leit hunn sech dobäi an der gréisster Tropenhal vun der Welt, dem „Edenya", erëmfonnt. Do konnten ënner anerem Leoparden, Haifësch, Komodo-Waranen a vill aner faszinéierend Déieren observéiert ginn. No zwee gelongenen Deeg voller neien Andréck an Erfarunge goung et owens nees zeréck op Biissen.



Mäerzeger Musik

Europadag zu Mäerzeg am Park

Text & Fotos : **Mäerzeger Musik • Charles REISER**

Um Europadag 2026 huet d'Mäerzeger Musik och dëst Joer rem op hiert Parkfest invitéiert. Bei summerlichen Temperaturen konnt een e musikalische Nometteg an enger entspaanter Atmosphär genéissen.

De Programm gouf opgemaach vun der Hëpperdanger Musik. Duerno huet d'Philharmonie Préizerdaul mat hierem Concert begeeschtert, éier d'Päreler Musik de musikalischen Deel ofgeronnt huet.

Och ausserhalb der Bün war vill gebueden, Déi jonk Gäscht konnten um grousse Sprangschlass spillen a sech austoben oder Musiksinstrumenter bastelen wärend di Erwuessener sech bei Gegrills an engem Patt ënnerhalen hunn. Natiirlech hunn déi frësch gebake Wafele mat Äerdbier a Schlagsan och nit gefeelt.

D'Fest huet och dëst Joer rem vill Leit ugezunn an huet de Park an der Mëtt vum Duerf fir en Dag opliewe gelooss.




Malentendu, n.m. : Divergence d'interprétation entre personnes qui croyaient se comprendre.
Independent Little Lies
MALENTENDUS
SCHLUECHTHAUS LUXEMBOURG 9.10.2026 à 20h & 11.10.2026 à 17h // ÉGLISE SAINTE-BARBE LASAUVAGE 14.10.2026 à 20h
Concept et mise en scène : Claire Wagener Jeu : Elsa Rauchs Conseil dramaturgique : Sévana Karalékian
Création sonore et assistanat à la mise en scène : Hadi Dealbes Costumes et scénographie : Michèle Tonteling
Création vidéo : Anne Schiltz Création lumières : Steve Demuth Production : Jill Christophe
aalt stadhaus
esch
oeuvre nationale
ville de luxembourg

Trompes de chasse St. Hubert de Luxembourg

Historischer Triumph: erstmals BeNeLux-Champion!

Text : **Trompes de chasse** | Fotos : **Claude ZANTER** **www.trompes-de-chasse-luxembourg.com**



Seit 53 Jahren schreibt die Gruppe ihre ganz eigene Erfolgsgeschichte und konnte bei den BeNeLux-Meisterschaften immer wieder hervorragende Ergebnisse erzielen. Nach vier Vizemeistertiteln in den Jahren 2018, 2019, 2022 und 2023 (2020 und 2021 musste der Wettbewerb pandemiebedingt ausfallen) zog sich das Ensemble für zwei Jahre aus dem Wettbewerb zurück.

Am 22. August 2026 war es dann endlich so weit: Unter der musikalischen Leitung des internationalen Champions Bertrand Bourgeois und mit Präsident Guy Wagner, zugleich Gründer des Vereins, gelang der Gruppe ein eindrucksvolles Comeback. Die Trompes de chasse St. Hubert de Luxembourg krönten sich erstmals zum BeNeLux-Champion.

Eine besondere Bedeutung erhielt der Wettbewerb dadurch, dass er am Geburtstag des kürzlich verstorbenen langjährigen Mitglieds Jules Bourgeois stattfand. Vielleicht war es mehr als nur Zufall und sein Andenken gab der Gruppe an diesem besonderen Tag zusätzlichen Rückenwind.

Der Erfolg war ebenso deutlich wie eindrucksvoll: Neben dem Meistertitel gewann die Gruppe Erste Preise für die besten Bassisten und Radoux-Spieler sowie eine Bronzemedaille für die „Sons Bouchés“. Eine Hörprobe gibt es auf der Internetseite der Gruppe (trompes-de-chasse-luxembourg.com) unter der Rubrik „Événements antérieurs“.

Nach diesem Triumph blickt das Ensemble mit Vorfreude auf das kommende Jahr, in dem es seinen Titel in Mersch verteidigen wird. Wer nicht bis Mai warten möchte, kann die Gruppe bereits bei den traditionellen Hubertusmessen erleben: am 8. November in Schönfels und Berdorf sowie am 15. November in Howald. Auch im Mai 2027 stehen zwei Höhepunkte auf dem Programm: ein Konzert am Freitag, dem 7. Mai, und der Wettbewerb am Samstag, dem 8. Mai. Die Trompes de chasse St. Hubert de Luxembourg laden alle herzlich dazu ein, dabei zu sein!

TROMPES DE CHASSE ST HUBERT DE LUXEMBOURG

trompes-de-chasse-luxembourg.com





DIDDELENG
HMD
HARMONIE MUNICIPALE

young harmonists
Diddeleng

sicht / recherche

Dirigent-in / chef de musique

fir säin Jugendensemble / pour son groupe des jeunes

Den Jugendensemble „Young Harmonists" sicht en nei/en Dirigent/in. Eis Prouwen fannen all Freideg ab 18:15 Auer bis 19:15 Auer statt. Wann Dir eng kleng Erfahrung an der Orchesterledung hutt an gäre mat motivéierte Jonken schafft, da kontaktéiert eis elo!

L'ensemble des jeunes „Young Harmonists" recherche son ou sa nouveau/nouvelle directeur/trice musical/e. Nos répétitions ont lieu chaque vendredi de 18h15 à 19h15. Si vous avez une petite expérience dans la direction d'orchestre, aimez travailler avec des jeunes motivés, contactez-nous dès maintenant !

mail@hmd.lu

HARMONIE MUNICIPALE DUDELANGE asbl.





Harmonie Municipale Esch-sur-Alzette

HMEsch & Friends @ Metzeschmelz

Texte : **Rudy BELLY** | Photo : **Emile HENGEN** **www.hmesch.lu**

Quand les harmonies font vivre un nouveau lieu

Le samedi 4 juillet 2026, le site emblématique de Metzeschmelz à Esch-sur-Alzette a résonné au rythme de la musique avec HMEsch & Friends, organisé par l'Harmonie Municipale Esch-sur-Alzette. Pendant toute une journée, huit orchestres et ensembles ont partagé la scène dans un esprit de rencontre, de bénévolat et de transmission.



L'ambition était de réunir des formations différentes autour de valeurs communes : la musique, la convivialité, l'engagement associatif et l'ancrage local, tout en faisant découvrir au public un lieu chargé d'histoire appelé à connaître une nouvelle vie.

De l'Orchestre des Jeunes de l'HMEsch aux Amis de l'Accordéon Esch, de l'Orchestre d'Harmonie du Conservatoire d'Esch à l'Harmonie Gemeng Mamer, l'Harmonie de Soleuvre, l'Ensemble à Plectres Municipal Esch et la Reckenger Musek, la programmation a illustré la richesse du mouvement musical associatif luxembourgeois et sa capacité à rassembler les générations.

Au-delà des prestations, le festival a voulu rappeler ce qui fait vivre nos sociétés de musique tout au long de l'année : l'engagement des musiciens et bénévoles, le travail des écoles de musique et des orchestres de jeunes, ainsi que toutes celles et ceux qui consacrent leur temps à la vie culturelle de leur commune.





Daliah Scholl, une présidente et initiatrice du Festival « HMEsch & Friends » comblée

Le choix de Metzeschmelz n'était pas anodin. Faire résonner la musique sur cet ancien site industriel permettait de créer un lien entre patrimoine, culture et avenir. Pendant quelques heures, un lieu marqué par l'histoire industrielle du sud du pays est devenu un espace de rencontre ouvert aux familles, aux musiciens et à un public de toutes générations.

La soirée a constitué le point culminant de cette journée. Après HMEsch in Concert, l'orchestre dirigé par Philippe Schwartz a partagé la scène avec le groupe luxembourgeois Zero Point Five. La rencontre entre harmonie et univers pop-folk a donné au grand final une couleur particulière, avant le set de Zero Point Five.



HMEsch & Friends aura surtout montré des formations venues se rencontrer plutôt que simplement se succéder. Une manière de mettre en lumière un mouvement associatif vivant et de rappeler un enjeu essentiel : donner aux jeunes l'envie de découvrir la pratique musicale collective et, demain, de faire vivre à leur tour ce patrimoine musical.

SAMSCHDEG
17 OCTOBER 2026
20h00

A summer night's dream

TRAMSSCHAPP
LAMPERTSBIERG

Entrée : 49 rue Ermesinde
Parking : 72 avenue Pasteur
Arrêt de bus : N°2 ou N°19

GALACONCERT
SOCIETE CHORALE
GRAND-DUCALE DOMMELDANGE

Direktioun Serge Rosen
Piano Patrick Colombo
Presentateur Claude Streicher

www.chant.lu

Oweskees ab 19h00 : 20€
Virverkaaf : 18€ bei onsen Membren,
op reservation@chant.lu
oder téscht 17h00 - 19h00 um 691 330 905

D'Baastenduerfer Musik an d'Associatioun "An Elo"
präsentéieren am Kader vun hirem 80- a 40-järege Jubiläum
en aussergewéinleche Concert vum

Klarinettenensemble «ClarosNova»

zesummegesat aus lokale Musikanten aus der Gemeng Tandel

mam Programm

«Klarinett vun A bis Z»

an der Kapell St. Marc zu Longsdref

den 23. Oktober 2026 um 19.30 Auer

Reservatioun ënnert:
baastenduerfermusik@hotmail.com
oder +352 621 787 113

Den Entrée ass fräi.
Nom Concert gëtt eng kleng Agape offréiert vun
der Baastenduerfer Musik an der Associatioun "An Elo"

Reservéiert Iech den Datum fir en onvergiessleche musikaleschen Owend!



Orchestre National des Jeunes du Luxembourg

L'ONJ conclut sa tournée d'été au Young Euro Classic

Texte : **ONJ** | Photos : **Max MAUSEN • Alfonso SALGUEIRO** **www.onj.lu**

Première participation de l'ONJ au prestigieux festival berlinois, saluée par des standing ovations au Konzerthaus Berlin

L'Orchestre National des Jeunes du Luxembourg (ONJ) a clôturé sa tournée d'été 2026 le dimanche 2 août par un concert exceptionnel au Konzerthaus Berlin, dans le cadre du prestigieux festival Young Euro Classic, rendez-vous incontournable des orchestres de jeunes du monde entier.



Invité pour la première fois à participer à ce festival de renommée internationale, l'ONJ y représentait le Luxembourg avec un programme réunissant If the bell rings, why should we run? de Hy-Khang Dang, Rhapsody on a Theme of Paganini de Sergueï Rachmaninov avec le pianiste Joseph Moog, ainsi que Circus Polka et L'Oiseau de feu (version 1945) d'Igor Stravinsky, sous la direction artistique et musicale de Pit Brosius.

Le concert a rencontré un accueil particulièrement chaleureux, le public réservant plusieurs standing ovations aux jeunes musiciennes et musiciens. Cette première invitation au Young Euro Classic représente une étape majeure dans le développement de l'orchestre, cinq ans seulement après sa création.





Avant cette étape berlinoise, l'ONJ s'était produit le 31 juillet au Theater Orpheus à Apeldoorn (Pays-Bas), dans le cadre du festival Muziekzomer Gelderland, poursuivant ainsi sa collaboration étroite avec les Nationale Jeugdorkesten Nederland (NJON).

La tournée avait débuté au Luxembourg avec le concert d'été de l'ONJ au Mierscher Theater le 29 juillet, devant une salle comble, après presque deux semaines de résidence artistique. Ce concert marquait également la création mondiale de If the bell rings, why should we run?, oeuvre commandée au jeune compositeur luxembourgeois Hy-Khang Dang pour cette série de concerts.



Au-delà des concerts, ce projet a également été marqué par de nombreux échanges artistiques et humains. Au Luxembourg, l'ONJ a accueilli le Jeugdorkest Nederland (JON) au Mierscher Theater, avec des ateliers et activités de musique de chambre communs, avant de réunir les deux orchestres – environ 150 jeunes musiciens – sur la scène du Mierscher Theater pour un bis partagé lors du concert du JON.



À Apeldoorn, les musiciens de l'ONJ ont eu l'occasion de rencontrer les membres du Jong Metropole, favorisant de nouveaux échanges entre jeunes artistes autour de différents univers musicaux.

À Berlin, le festival Young Euro Classic a également offert un cadre privilégié pour des rencontres internationales, notamment entre deux musiciens de l'ONJ et le Lách Tách Ensemble du Vietnam, ainsi qu'avec des représentants de l'European Union Youth Orchestra (EUYO). Ces moments de partage et de dialogue témoignent pleinement de la vocation de l'ONJ : créer des liens durables entre jeunes musiciennes et musiciens, au-delà des frontières.

Avec cette tournée, l'ONJ confirme son développement sur la scène européenne et poursuit sa mission de promouvoir les jeunes talents musicaux du Luxembourg et au-delà, tout en renforçant les échanges artistiques internationaux.

L'Orchestre National des Jeunes du Luxembourg remercie chaleureusement l'ensemble de ses musiciennes et musiciens, ses bénévoles, ses partenaires, ses mécènes ainsi que les organisateurs des différents festivals et salles qui ont contribué au succès de cette tournée d'été 2026



Gesangveräin "Emile Michels" d'Grënnesch Spatzen & La Fraternelle

Erënnerung un eise Frënd Théo Weidig!

Text : Angèle MICHELS | Fotos : **Grënnesch Spatzen**

Den 23 Juni hu mir déi traureg Noricht krut dat eisen Théo säi leschte Wee ugetrueden huet .Obwuel mir woussten datt hien zënter Jore massiv gesondheetlech Problemer hat ware mir awer déif betraff an traureg. Ech kéint e Buch schreiwen iwwert den Théo an d'Grënnësch Gesangveräiner awer ech versiche mech kuerz ze halen.

Den Théo a mir hunn eis vir d'éischt zu Habscht bei engem Theaterowend begéint, besser gesot eist Marianne an hien haten deen Owend en Aen openee geworf. Wéi dunn d'Fraternelle d'Madame Barthel, déi dunn och Dirigentin zu Habscht war, och d'musikalesch Leedung am Gronn iwwerholl huet, war et geschitt. Wien ass mat hier am Gronn opgeschloen : den Théo. D'Geschicht vum Marianne an dem Théo huet hire Laf geholl a mir konnten en neie Sänger, Pianist a Frënn an eise Reie begréissen. Séier huet den Théo sech am Gronn agelieft an et ass eng Frëndschaft tëschent Habscht an dem Gronn entstanen déi bis Haut undauert .

Wéi dunn 1994 am Gronn de Kannerchouer d'Grënnësch Spatzen an d'Liewe geruff ginn si war den Théo an d'Marianne direkt bereet mat ze hëllefen als Pianist an och als Dirigent wéi den deemolegen Dirigent Rino Azzolin gesondheetlech Problemer hat. Hien hat och iwwer Joerzéngte bis zu senger Krankheet d'Charge vu Caisserevisor.

Den 9,Juli 1999 huet den Théo du säi Marianne bestuet an de Band tëschent de Grënneschen Veräiner ass befestegt ginn.



Vill schéi Stonnen hu mer bei Musek a Gesank zesumme verbruecht.

Grouss Fester mat der Fraternelle, méi kleng Eventer mat de Spatzen ob der Rhum an am Pafendall Massen an der Grënnëscher Kierch wou den Théo mat Genoss eis wonnerbar Uergel erschalen gelooss huet.

Eng kleng Anekdot sief nach erzielt; eis Concertsreess mat de Spatzen a Portugal, e wonnerbaart Erliefnes, 2 Concerten an 2 Massen hu mer gesongen. D'Houmass am Sanctuaire vun Nazaré war e vollen Erfolleg.

Vill kéint ech nach zielen awer ech schléissen elo mat engem risegrousse Merci Théo fir all déi schéi Musek déi mir mat dir hunn dierften erliewen a fir deng Frëndschaft. Mir vergiessen dech net a versprieche mir passen ob däin/eist Marianne ob a stinn him zur Säit .

Jugendensembel Käldall

E klenge Rallye fir den Ofschloss vun der Saison

Text : **Marc GILLET** | Fotoen : **Richard JOHANNS**

Iwwer d'Saison 2025/26 war de Jugendensembel Käldall vill am Asaz. Sou hu mir ënnert anerem am Oktober eng musikalesch Kannergeschicht am Kader vum Evenement "Groussen Theater fir kleng Aen" virgedroen, waren an d'Spillschoul op Beetebuerg eng Geschicht presentéieren, waren op Concerte vun eise verschiddene Museken dobäi, an hunn op der Porte Ouverte vun der Diddelenger Musekschoul an op der Fête de la Musique zu Diddeleng Concerte gespillt.

No sou engem gefëllte Museksjoer hunn déi jonk Museker dann natierlech och eng Paus verdéngt. De 5. Juli hu mir dofir e flotten Ofschloss-Rallye am Park zu Kayl an Téiteng gehat. Eng kleng Equipe vu Jugendlechen aus eisem Ensembel haten sech vill Méi ginn, fir e Mëtten ze organiséieren, dee ganz am Zeeche vum Teamgeescht stoung.





Sou hunn déi Jonk missten hire Wee mat klengen Hiweiser selwer fannen, an ënnerwee hunn si Spiller gemaach, déi Kreativitéit an Zesummenaarbecht verlaangt hunn. Heibäi hunn si sech net nëmmen op eng aner Manéier kenne geléiert wéi an de Prouwen, mee si konnten och weise wéi gutt si zesumme kniwweleg Aufgabe kënne léisen.

Zu gudder Lescht, huet de Flavio, ee vun den dräi Dirigente vum Ensembel, eis mat sengem Pizzauewen op Rieder iwwerrascht. Wou hien den Deeg duerch d'Lut gejummt huet a Pizza vun alen Zorte gebak huet, war d'Begeeschterung natierlech grouss. Esou ass eng lieweg Musekssaison op en Enn gaangen. Elo freeë mir eis op déi nächst Prouwen an Optrëtter.

Societe Mandoliniste "La Lyre" Godbrange


Musek & Grill am Laange Brill

Text : **Dany WERNER** | Foto : **Ben RIES** **www lalyre-godbrange.lu**

E Freiden, den 3. Juli 2026 huet de Mandolinneveräin "La Lyre" vu Guedber ënnert dem Motto "Musek & Grill am Laange Brill" bei den "Allënster Duerffrënn" e flotte Concert virum Veräinsbau gespillt. Während d'Allënster Duerffrënn fir Iessen a Gedrénks gesuergt hunn, gouf de Public mat den doucen Kläng vun de Mandolinnen a Gitaren verwinnt.



SO MA TO 走馬灯



DIRECTOR & CHOREOGRAPHY
Sayoko Onishi

COMPOSITION & LIVE MUSIC
Emmanuel Fleitz

WITH
Jenny Beacraft
Claire Thill
Sayoko Onishi

STAGE DESIGN
Gianluca Curulla

LIGHTING DESIGN
Solène Gatheron

PRODUCTION MANAGER
Jill Christophe

A New Butoh Dance Theatre
Un spectacle de danse – théâtre New Butoh

KASEMATTEN THEATER

TICKETS:
ticket@kasemattentheater.lu

ADDRESS:
Saal Tun Deutsch - 14, rue du Puits
L-2355 Luxemburg

KASEMATTENTHEATER.LU

PERFORMANCES
27th, 29th & 30th October 2026
8pm at Kasemattentheater

A production by Independent Little Lies in coproduction with Kasemattentheater. With the support of Ministère de la Culture, Ville d'Esch-sur-Alzette and Fondation Indépendance.

Garnecher Musek

Garnecher Musek goes Gstaad 2026

Text : **Joël LUX** | Fotoen : **Garnecher Musek** **www.garnechermusek.lu**

Et kéint ee sech virstellen, dass esou e grousst Museksséck entsteet: Am Ufank ass eng Iddi. An eisem Fall koum déi vun eisem Dirigent Uilson Castro, dee mam Sandro Frautschi, engem Studiefrënd an Dirigent vun der „Musikgesellschaft Gstaad“, bescht Kontakter huet, mat Vue op en Austauschconcert tëscht den zwou Museken. Fir déi zwee Veräiner wier dat natierlech mat interessante Reese verbonnen.

Den Impuls war also ginn, an elo war et um Comité vun der Garnecher Musek ronderëm hire President Marc Olinger, fir dat Ganzt a Musek ëmzesetzen.

Den 1. Deel vun dëser Aventure geet op de Juni 2025 zréck, wéi d’Gstaader Musek op der Affiche vum bekannte Garnecher Hamefest stoung. Si hate bei hirem Optrëtt passend a flott Musek op Lager an hunn och soss e ganz sympatheschen Androck hannerlooss. Bei dësem Openthalt zu Lëtzebuerg hu si sech e puer Facettë vun eiser Stad weise gelooss, wat hinne gutt gefall huet.

Den 2. Deel vun der musikalescher Aventure gouf awer dunn de Weekend vum 29. Mee 2026 an der Schwäiz geschriwwen.



Mam Bus goung et Freides scho fréi fort, sou dass mir géint Mëtteg eis éischt Statioun hannert der Schwäizer Grenz erreecht hunn. Zu Rheinfelden stoung e Besuch vun der gréisster Schwäizer Brauerei „Feldschlösschen“ um Programm.

No engem gemittleche Mëttegiessen am Schiet vu risegen ale Beem, ware mir faszinéiert vun de Brauereispäerd, déi virun eng prächteg Kutsch gespaant waren, an nach 1 Mol d’Woch, als Zeeche vu Respekt virun enger aler Traditioun, Restauranten a Baren an der Alstad mam frësch gebrautem Béier beliwweren.

Duerno si mer duerch dat historescht Gemaier mat den impressionante Braukesselen aus Koffer gefouert ginn.

Am Nomëtteg goung et weider op Gstaad (1.050 m), eis Zieldestinatioun, matten am schéine Berner Oberland. Och wann et sou kléngt, handelt et sech hei net ëm eng Stad, mee just ëm e gréissert Duerf mat knapp 3.000 Awunner, dat awer als diskreet Promi-Paradäis bekannt ass. Mam „Gstaad Palace“ als Aushängeschëld an de villen Holzchaletën, déi vu baussen dacks onscheinbar wierken, mee bannen luxuriéis ageriicht sinn, gehéieren si zu de verstoppten Highlights.

Mee och eis, am Verglach bescheide Garnecher Museksgrupp war am Gstaaderhof wonnerbar ënnerbruecht.

Den Dag gouf mat engem gudden Owesiessen am Restaurant vum Gstaaderhof an duerno an hirer Hotelbar, déi mat flotte Kou-Motiver dekoréiert war, an an der Gesellschaft vu Vertrieder vun der „Gstaader Musig“ gemittlech ausklénge gelooss.

Samschdesmoies gounge mir lues awer sécher dem Héichpunkt vun eiser Rees entgéint, an zwar eisem „Platzkonzert um Kapälliplatz“ am Zentrum vu Gstaad.



Eisen Dirigent Uilson Castro huet den Optakt gemaach mat e puer flotte Stécker a gefällege Melodien. Du koum et zur éischter Iwwerraschung, wéi den Uilson den Taktstaf u säi Studiefrënd Sandro Frautschi weiderginn huet, fir e Stéck ze dirigéieren, dat mir zesumme mat der „Gstaader Musig“ virgedroen hunn. Eng wonnerbar Erfarung, mat exzellentem Klang an och Uklang beim Publikum, dee mir Musikanten iwwregens an décker Hëtzt ëm hire Schied beneit hunn.

Duerno hunn d’Frënn vu Gstaad sech ëm de Programm vum Dag bekëmmert, an eis sollt dunn eng Iwwerraschung no der anerer erwaarden:



Domat huet eist Mëttegiessen op der Weed stattfond. Op authentesch Schwäizer Manéier hunn d'Gstaader Museksfrënn eis matten op enger Almwiss-Terrass, ëmgi vun herrlechem Biergpanorama, virun eise Féiss den imposante Gstaader Dall, ënnert eise Féiss, Tonne Rulle Kéis an der herrlech killer Kéisgrott, e lackelege Kéisteller bei engem gudde Pättchen zerwéiert.

No der interessanter a gutt killer Visitt vun der Kéisgrott krute mer eng gratis Visite guidée zu Fouss erof op Gstaad, wou mer ënnerwee munnech onerwaart Entdeckunge gemaach hunn.

Mat den Iwwerraschungen war et awer domat nach net gedoen. Owes goung et mam Zuch op Schönried an de „Kuhstall", wou d'Schwäizer Frënn eis, op enger Alm, déi ee fir Restauratioun loune konnt, erwaart hunn.

Hei krute mir net nëmmen e fürstleche Barbecue zerwéiert, mee als Entrée stoungen dräi Alphornbléiser virun eis, mat engem neie Biergpanorama am Hannergrond, an hunn eis e ganz perséinleche Ständche gebueden. Eis Musikante kruten dunn och nach d'Geleeënheet, dat dach ongewinnten Instrument emol ze testen, mat zum Deel iwwerraschend guddem Resultat. Den Owend gouf also gemittlech a Gesellschaft vun de Gstaader Frënn ausklénge gelooss.

Sonndes war den Dag vun der Heemrees, déi nach just duerch eng Rascht- an Iesspaus zu Mulhouse ënnerbrach gouf. Onbedéngt ernimme muss een awer och, dass d'Rees mam Bus stänneg mat flotter Animatioun ënnermoolt war, sou dass se kengem ze laang virkomme sollt.

Ofschléissend kann ee festhalen, dass een de Comité, d'Initiateuren, déi finanziell Ënnerstëtzer an all déi, déi zum Gelénge vun dëser Aventure bäigedro hunn, nëmme felicitéiere kann. A sollt et an e puer Joer erëm emol heeschen: „Hopp Schwiiz, der Berg ruft!" Da wäerten d'Musikante ronderëm de Rebierg (400 m) net laang zécken hier Instrumenter ze schmieren, fir dësem Ruff am Hibléck op eng nei Aventure nozekommen.



Philharmonie Grand-Ducale et Municipale Ettelbruck

Merci Jos !

Text & Foto : **Ettelbrécker Musek** **www.ettelbrecker-musek.lu**

Léif Memberen, léif Frënn an Lieser, Haut, den 27 Mäerz 2026, Generalversammlung, ass kee gewéinlechen Owend fir eis. Et ass en Owend, wou mir zréckkucken – mat vill Dankbarkeet – mä och no vir musse kucken, mat enger gewësser Ongewëssheet.

De Jos Weber ass 1995 an de Comité vun der Philharmonie Grand-Ducale et Municipale Ettelbréck komm. Wann een dat esou seet, kléngt et bal einfach – mä hannendrun stinn iwwer dräi Joerzéngten Engagement, Zouverlässegkeet an en onermiddlechen Asaz fir eis Musek.

Hien huet sech net nëmme mat agesat, mä Verantwortung iwwerholl. 8 Joer laang war hien Vize-President – eng Zäit, an där hien ëmmer eng wichteg Stäip fir d'Musek an de Comité war.



2011 koum dunn eng schwéier Zäit fir d'Ettelbrécker Musek. Eng Zäit, wou et net selbstverständlech war, datt alles weidergeet. An genee do huet de Jos Verantwortung iwwerholl – als Président faisant fonction. Hien ass agesprongen, wéi et néideg war, ouni laang ze zécken.

2012 ass hien dann offiziell President ginn. An ech mengen, mir dierfen dat haut ganz kloer soen: zënterhier war et ganz oft de Jos, deen dofir gesuergt huet, datt d'Musek funktionéiert. Vill Saachen sinn am Hannergrond geschitt, vill Aarbecht, déi een net gesäit – mä ouni déi et net géif goen.

Et war ganz dacks hien, deen alles um Lafen gehalen huet. Hien huet Zäit investéiert, Energie, Gedold – an dat iwwer Joren ewech.

Den 27. Mäerz 2026 huet hien aus gesondheetleche Grënn decidéiert, e Schratt zeréck ze maachen. Dat ass eng Entscheedung, déi fir eis net einfach ass – mä déi mir natierlech respektéieren a voll a ganz verstinn.

A mir mussen éierlech sinn: et wäert e grousst Lach entstoen. Eng ganz wichteg Stäip fällt ewech. A mir wäerten dat spieren – net nëmme mënschlech, mä och an der Organisatioun vun eiser Musek.

Mir hunn all gewosst, datt deen Dag iergendwann géif kommen. Mä mir hunn och all e bëssen gehofft, datt et nach géif daueren. Well een sech einfach drop verloosse konnt, datt de Jos do ass.

Dofir ass dësen Owend net nëmme fir Merci ze soen, mä och en Opruff un alleguerten: Wann d'Ettelbrécker Musek eng Zukunft soll hunn, da brauche mir Leit, déi bereet sinn, sech am Comité ze engagéieren, Verantwortung ze iwwerhuelen an d'Musek matzedroen.

Léiwe Jos, du hues gesot, du wëlls kee Kaddo. Dat ass och typesch fir dech. Mä mir wollten dech net esou goe loossen, ouni e klengt Zeeche vun eiser Unerkennung. Och

wa mir all wëssen: et gëtt näischt, wat wierklech kann dat opweien, wat's du iwwer déi vill Jore fir eis gemaach hues.

Am Numm vum ganze Comité an der ganzer Ettelbrécker Musek soe mir dir der vun Häerzen: villmools, villmools Merci.

Merci fir däin Engagement, deng Zäit, däin Asaz, deng Rou an deng Zouverlässechkeet. Merci fir alles, wat's du fir eis Musek gemaach hues.

Mir wënschen dir virun allem dat Allerwichtegst: Gesondheet. An mir hoffen, datt s du eis nach laang als Frënd an als Deel vun eiser Musek erhale bleifs.

Merci, Jos.



Concert

JOINT VENTURE

Samschdes, den 7. November 2026

um 20.00 Auer

am ARTIKUSS zu Zolwer

Et spillen fir lech

Bieleser Musek
seit 1892

&

FANFARE NIEDERKORN
FONDÉE EN 1882

ënnert der Direktioun vum

Patrick Stracks & Stephanie Perna

Entrée ab 19.30 Auer
Erwuessener : 12€
Studenten/Memberen : 8€
Kanner < 13 Joer : Frai

Musek Gemeng Biwer

Biwer Musek on tour

Text & Fotoen : **Sonja BEMTGEN** **www.biwermusek.lu**

Et waren e puer waaaarm Méint ze iwwerstoen ier d'Vakanz endlech do war.

Trotzdeem huet d'Biwer Musek mat vill Asaz a Succès den 9 Mee d'Duerffest zu Eescheler verschéinert. Op der Nuit des Sports huet d'Jugend als Vertrieder vun der Musek gespillt. Eng Woch méi spéit war et erëm un deene Groussen. Se hunn zesumme mat der Konsdréffer Musek e Concert an där hirem Festsall ginn.



Op der Agenda stungen och méi offiziell Punkten: Sprangpressioun a natierlech Nationalfeierdag. Hei krute laangjäreg a manner laangjäreg Musikanten eng UGDAs-



Medail iwwerreecht. Felicitatioun dem Emile Kalmes fir 60 Joer an dem Sylvie Steinmetz fir 50 Joer Memberschaft bei der Musek. Am Nomëtte stung dat traditionellt Fest um Programm mat musikalescher Begleedung vun 2 Banden. Leider war de Succès bedéngt duerch dat extreem waarmt Wierder net dee selwechten ewéi gewinnt. Trotz der Hetzt, et war eng gutt d'Stëmmung.

Um Schoulfest zu Biwer an um Konsdréffer Camping ginn d'Musikanten nach eng lescht Kéier alles an dann ass Vakanz.

Ab September gëtt elo mat frëscher Energie, a bei méi killen Temperaturen, erëm geprouft an dat fir e Very British Concert de 14. November am Fancy a fir de Chrëschtconcert am Dezember an der Biwer Kirch.

Kanner- a Jugendchouer Konsdref

Concert op der Konsdréffer Millen

Text : **Marie-Paule PURAYE-WEWER** | Foto : **KaJuCo**

Bei herrlechem Summerwierder huet de Kanner- a Jugendchouer Konsdref op der Konsdréffer Millen e flotte Concert ginn. Dëse Concert war gläichzäiteg d'Generalprouf fir den Ausfluch op Nazaré, deen Ufank September um Programm stong. Mat engem ofwiesslungsräiche Repertoire a Lidder a fënnef Sproochen, begleet vun enger passender Choreographie, déi zesumme mat hirer Dirigentin Anna Nikolay mat vill Suergfalt ageprouft gouf, huet de Chouer säi Publikum begeeschtert.

Eng kleng Stäerkung zum Ofschloss vum Chouersjoer huet fir e gemittlechen Ausklang an e flotte gesellegen Ament gesuergt. Bravo un all d'Bedeelegte vun dësem flotte Summer-Concert. En decke Merci geet un d'Konsdréffer Millen, déi hir eemoleg Lokatioun fir dëse flotte Concert zur Verfügung gestallt huet.







«Chronik des Luxemburger Musik-verbandes 1863-1999». Déi 4 Bänn sinn zum Präis vu 25 € bei der UGDA ze kréien.



Jangli's Strëppefiesta

Déi komplett Seten fir Orchester sinn bei der UGDA ze kréien!

Falls Dir un dëse Bichelcher interesséiert sidd, mellt Iech op

direction@ugda.lu



Harmonie Grand-Ducale Municipale de la Ville de Wiltz

Äddi Tom!

Text : **Guy THURMES** | Photos : **Michal PAROL**

Am Kader vum Weeltzer Festival huet d'Weeltzer Musik den 11. Juli op de Festivalaplaz op e besonnesche musikaleschen Héichpunkt invitéiert. Ënnert dem Titel „Esou kléngt Wooltz – Finall" huet d'Publikum e Concertsowend erleeft, dee wäit iwwer en normaalt Musikserleefnes erausgaangen ass an op beandrockend Manéier déi besonnesch Verbindung tëscht Musek, Kultur a Gemeinschaft zum Ausdrock bruecht huet.

Den ofwiesslungsräiche Programm huet d'Nolauschtererinnen an d'Nolauschterer op eng Rees duerch ganz ënnerschiddlech musikalesch Welte matgeholl – vu Jazz a Chanson iwwer Folk bis hin zu klassescher Blosmusek a Polka. Zesumme mat den renomméierte Gaaschtsoliste Véronique Kinnen, Ernie Hammes a Serge Tonnar huet den Orchester e Concert voller Emotiounen, Virtuositéit a musikalescher Villfalt presentéiert.

Zu den Héichpunkter vum Owend hunn d'Interpretatioune vu bekannte Klassiker wéi „Feeling Good", interprétéiert vum Ernie Hammes, gehéiert. E besonnesche musikaleschen Akzent huet de virtuosen Trompettensolo „Bugler's Holiday" gesat, bei deem d'Trompettisten zesumme mam Ernie Hammes hiert Kënne gewisen hunn. Och déi grouss franséisch Chansone „Sous le ciel de Paris", „Padam… Padam…" an „Non, je ne regrette rien" hu fir onvergiesslech Momenter gesuergt. D'Sopranistin Véronique Kinnen huet dës bekannt Melodien op beandrockend a gefillsvoll Manéier interpretéiert.. E besonnesche regionale Akzent hunn de Serge Tonnar an den Orchester mat Wierker wéi dem „Hämmelsmarsch" an „Ech hun Loscht dech ze flécken" gesat, déi beim Publikum fir grouss Begeeschterung gesuergt hunn.

De Concertsowend stoung gläichzäiteg am Zeeche vun engem wichtegen Äddi. No 20 Joer un der Spëtzt vun der Weeltzer Harmonie huet den Tom Braquet säi leschte Concert als musikalesche Leeder vum Orchester dirigéiert. An dësen zwee Joerzéngten huet hien d'Kultur- a Museksliewe vun der Stad Wolz nohalteg gepräägt, den artistesche Profil vun der Harmonie geschäerft an eng ganz Rëtsch innovativ Projete lancéiert.

Säin onermiddlechen Asaz, säi musikalesche Bléck an d'Zukunft a säi grousst Netzwierk hu d'Entwécklung vum Orchester entscheedend matgestalt.

Ënnert senger Leedung huet d'Weeltzer Harmonie hiren Aktivitéitsberäich wäit iwwer d'Landesgrenzen eraus ausgebaut a konnt d'Stad Wooltz an hir musikalesch Traditioun bei Concerten zu Minnertsga an Holland an zu Serfaus an Éisträich vertrieden. Och op Bühnen am Grand-Duché, ënner anerem um Knuedler an der Stad Lëtzebuerg, huet den Orchester beandrockend Akzenter gesat. Dobäi huet den Tom Braquet ëmmer de kreativen Austausch mat Kënschtlerinnen a Kënschtler aus ënnerschiddleche Stilrichtunge gesicht. Esou sinn aussergewéinlech Zesummenaarbechte mam Serge Tonnar & Legotrip a mat villen anere Museksacteuren entstanen.

Dank senger Oppenheet fir nei musikalesch Impulser a senge ville Kontakter ass et him ëmmer nees gelongen, am Kader vum Wiltzer Festival aussergewéinlech Rencontere tëscht der Harmonie an nationalen an internationale Kënschtlerinnen a Kënschtler méiglech ze maachen. Zu den Héichpunkter zielen d'Zesummenaarbechte mat Marly Marques, de Krunnenmécken, dem Flying Orkestar a ville weidere Gäscht. Si hunn net nëmmen d'kulturellt Offer vun der Regioun beräichert, mee och der Harmonie nei artistesch Perspektiven opgemaach an zu hirer musikalescher Weiderentwécklung bäigedroen.

Den Tom Braquet huet domat net nëmmen den Orchester gepräägt, mee och d'Roll vun der Weeltzer Harmonie als wichtege kulturelle Vermëttler an innovativen Acteur an der Lëtzebuerger Musekslandschaft nohalteg gestäerkt.

Mat „Esou klengt Wooltz – Finall" ass e wichtegt Kapitel an der Geschicht vun der Weeltzer Harmonie Grand-Ducale Municipale op en Enn gaangen. Gläichzäiteg huet den Owend e staarkt Zeeche fir déi lieweg Kulturzeen an der Regioun gesat.

Et war e würdegen, beweegenden an onvergiesslechen Ofschloss vun enger aussergewéinlecher Ära.

Äddi Tom a villmools Merci!





Harmonie Ste Cécile Kayl

CECILIECONCERT 2026

de 14. November 2026 um 20:00
an der Schungfabrik zu Téiteng

Um Programm stinn:

The Witch and the Saint, Hymn of Hope,
To Seek the Glorious a villes méi

Solisten:

Anaïs Both a Yannice Faber, Saxophon
Marc Gillet, Trompett

Direktioun: Yannice Faber

Kanner <12	Studenten	Erwuessener
Fräi	8€	12€

Reservatioun op: kaelermusek.lu

www.kaelermusek.lu

Luxembourg Philharmonia

Le début de la nouvelle saison dédié à Johannes Brahms

Text : **A. STRIMAITYTĖ & G. REINIG** | Photos : **Philharmonia** **www.philharmonia.lu**



Après la pause estivale, l´orchestre symphonique «Luxembourg Philharmonia» offre à son audience - pour le début de la saison 2026-2027 un concert entièrement dédié à Johannes Brahms, Ce concert aura lieu le 15 novembre 2026, 17 :00 Hr au Centre culturel Trifolion à Echternach, sous la baguette de son maestro Martin Elmquist.



Johannes Brahms était un compositeur, pianiste et chef d´orchestre allemand. Si ses compositions sont principalement rattachées au romantisme tardif, elles transcendent ce courant grâce à l'intégration de formes baroques et classiques. Brahms est considéré comme l'un des compositeurs les plus marquants du XIXe siècle et a laissé des œuvres exemplaires dans tous les genres musicaux, à l'exception de l'opéra.

En première partie du concert, l'orchestre interprétera le Concerto pour violon et violoncelle en la mineur. Il accompagnera Constantin Riccardi au violon et Nora Braun au violoncelle, un couple uni par la musique tant sur scène que dans la vie.

En deuxième partie sera interprété la Symphonie No 2 en ré majeur, une illustration parfaite du style romantique du compositeur.

« Ouvrir la partition d'une symphonie de Brahms, c'est comme recevoir une lettre d'un ami cher ! Le début de sa deuxième symphonie nous replonge dans le bon vieux mode de ré majeur, un autre monde, d'une beauté incomparable ! », se réjouit Maestro Elmquist

Constantin Riccardi, violoniste et chef d'orchestre franco-luxembourgeois est bien connu par les musiciens de « Luxembourg Philharmonia », car c'était sous sa direction que l'orchestre est parti à la tournée en Italie en avril 2025.

Après avoir obtenu un Master of Arts en violon à la Royal Academy of Music de Londres en 2020, Constantin a poursuivi ses études en direction d'orchestre et a rejoint la « soloist class » à la Royal Danish Academy of Music de Copenhague avec Giordano Bellincampi et Michael Schoenwandt. Au cours de ses études, il a eu l'occasion de diriger plusieurs des principaux orchestres danois, ainsi que l'orchestre symphonique d'Helsingborg, en Suède.

En tant que violoniste, il se produit en musique de chambre avec son épouse et partenaire musicale Nora Braun, principalement en trio avec piano. Ensemble, ils ont joué dans la plupart des salles luxembourgeoises, ainsi qu'au Palais des Beaux-Arts de Bruxelles et récemment au festival MasMusici en France.



Nora Braun est une violoncelliste luxembourgeoise qui, après avoir terminé ses études au Conservatoire de Luxembourg a été admise au Pre-College Cologne de la Hochschule für Musik und Tanz Köln, où elle a étudié avec le professeur Claus Kanngiesser. Titulaire d'une licence et un master auprès de Louise Hopkins Londres, au Guildhall School of Music and Drama de Londres, Nora est lauréate de plusieurs concours internationaux et elle a remporté des premiers prix en Autriche et en Allemagne, ainsi que des médailles d'or au Concours européen des jeunes solistes au Luxembourg, dont deux prix SACEM. Elle a interprété de grands concertos de Elgar, Saint-Saëns, Ibert pour n'en citer que quelques-uns. Depuis 2022, Nora enseigne le violoncelle et la musique de chambre au Conservatoire de la Ville d'Esch-sur-Alzette.



HARMONIE MUNICIPALE
ESCH-SUR-ALZETTE

CONCERT DE GALA

« KINGS AND QUEENS »

DIRECTION: **PHILIPPE SCHWARTZ**

VENDREDI, LE **20 NOVEMBRE 2026 À 20H**
SAMEDI, LE **21 NOVEMBRE 2026 À 20H**

ESCHER THEATER

PROGRAMME

1re partie

Pastime With Good Company
King Henry VIII *arr. Philip Sparke*

Second Suite in F for Military Band
Gustav Holst
1. March
2. Song Without Words «I'll Love My Love»
3. Song of the Blacksmith
4. Fantasia on the «Dargason»

The Sword and the Crown
Edward Gregson

Pomp and Circumstance March No.1
Edward Elgar

2e partie

Hymn of the Highlands
Philip Sparke
1. Ardross Castle
2. Summer Isles
3. Strathcarron – Sword Dance
4. Lairg Muir
5. Alladale
6. Dundonnell

« Queen »
Freddie Mercury
arr. Gilbert Tinner / Philip Sparke

esch

RESERVATION
www.theatre.esch.lu | Escher Theater : 2754-5010 | 2754-5020

TARIF
adulte: 20 € | jeune: 9 €

Chorale Grand-Ducale Ste Cécile de Wormeldange

175 ans de passion chorale

Text : **P. SCHONS • G. SCHARTZ** | Fotoen : **Wormer Chorale** **www.chorale-wormer.lu**

L'année 2025 restera gravée dans l'histoire de la Chorale Grand-Ducale Ste Cécile de Wormeldange. À l'occasion de son 175e anniversaire, la chorale a vécu douze mois riches en musique, en rencontres et en émotions. Retour sur une année exceptionnelle.

Une ouverture sous les projecteurs

Les festivités débutent dès janvier 2025 avec la retransmission télévisée de la messe dominicale depuis l'église de Wormeldange. Pour cette célébration, la chorale interprète notamment A Little Jazz Mass de Bob Chilcott, offrant ainsi au public un premier temps fort de cette année jubilaire.

La Johannespassioun, un moment inoubliable

Le point culminant des célébrations est sans aucun doute l'interprétation de la Johannespassioun de Jean-Pierre Kemmer en juin 2025. Préparée pendant plusieurs mois avec des chœurs partenaires, des solistes et un ensemble instrumental, cette œuvre contemporaine exigeante a représenté un véritable défi artistique.

Les nombreuses répétitions ont porté leurs fruits : le concert, d'une grande intensité musicale et émotionnelle, a profondément touché un public venu en nombre. Une soirée qui restera longtemps dans les mémoires des chanteurs comme des spectateurs.



Cap sur le Portugal

En août, la chorale prend la direction de Mortágua, au Portugal, afin de participer aux festivités du 20e anniversaire du jumelage entre les deux communes.

Au programme : plusieurs prestations musicales, mais aussi un stand gastronomique luxembourgeois, dont les bénéfices – 1 500 € – ont été reversés à une œuvre caritative locale.

Au-delà des concerts, ce voyage a été marqué par de belles découvertes culturelles et de nombreux moments de partage qui ont renforcé les liens d'amitié entre les participants.



Un concert anniversaire avec la Musique militaire

En octobre 2025, la Musique militaire grand-ducale s'associe aux célébrations en offrant un concert anniversaire en hommage aux 175 ans de la chorale.

Le programme met à l'honneur les liens privilégiés qui unissent les deux ensembles à travers des œuvres composées par d'anciens et d'actuels collaborateurs de la chorale, offrant ainsi un bel hommage à leur histoire commune.

Une clôture pleine d'émotion

Le 25 janvier 2026, la chorale clôture officiellement son année jubilaire en présence de nombreuses personnalités politiques, religieuses et associatives.

À cette occasion, les chanteurs présentent plusieurs œuvres, dont la création de Luxembourg – Stad a Land, composée spécialement pour cette célébration. Fidèle à ses valeurs de solidarité, la chorale remet également un don de 2 000 € à l'ONG CARE afin de soutenir des projets en faveur de jeunes enfants dans plusieurs pays.

La journée se poursuit dans une ambiance chaleureuse autour du traditionnel gâteau d'anniversaire.





Dans son allocution, le président Guy Schartz retrace les 175 années d'existence de la chorale, fondée en 1850 dans un contexte économique particulièrement difficile. Il évoque les nombreux défis relevés au fil des générations — les guerres, les périodes plus difficiles en matière de recrutement ou encore les changements de direction — mais surtout la remarquable capacité de l'association à se réinventer.

Il rappelle les grandes étapes de son évolution : les débuts comme chœur d'hommes, la création du chœur mixte dans les années 1970, les nombreux succès artistiques obtenus au Luxembourg et à l'étranger, ainsi que le travail des chefs de chœur qui ont marqué son histoire, de Pierre Rech à Mich Ronkar, Ivan Boumans et l'actuelle directrice Stéphanie Schlink.

En conclusion, il souligne que le plus grand défi reste aujourd'hui le recrutement de nouveaux chanteurs, en particulier parmi les jeunes générations. Mais il rappelle aussi ce qui fait la force de la Chorale Ste Cécile depuis 175 ans : l'amitié, l'engagement bénévole, le plaisir de chanter ensemble et la passion de transmettre cet héritage aux générations futures.

Un livre pour transmettre la mémoire

Parallèlement aux festivités, un important travail de mémoire a été réalisé. Pendant près de deux ans, une équipe de rédaction entièrement bénévole s'est consacrée à la collecte des archives, des photographies et des témoignages afin de retracer les vingt-cinq dernières années de la vie de la chorale.

Ce travail a abouti à la publication du Jubileumsbuch, un ouvrage relié de plus de 100 pages retraçant l'histoire de la Chorale Grand-Ducale Ste Cécile de Wormeldange, son évolution, les souvenirs d'anciens choristes ainsi que les nombreux événements qui ont marqué cette année exceptionnelle.

Les personnes souhaitant acquérir ce livre anniversaire, proposé au prix de 35 €, peuvent contacter la chorale à l'adresse info@chorale-wormer.lu en indiquant leur nom et leur numéro de téléphone. Elles seront recontactées dans les meilleurs délais.

LËNSTER MUSEK

Lënster Musek

Leschte Concert vun der Saison

Text: **Tiffany SASKA** | Foto : **Ander SCHMIT** **www.lenstermusek.lu**

Dëst Joer huet d'Lënster Musek hire leschte Concert vun der Saison op der Place d'Armes an der Stad gespillt. Bei beschtem Wieder hunn di knapp 50 Musikantinnen a Musikanten ënnert der Leedung vum Chris Nothum um Kioske e flotte Programm gespillt.



Fanfare Municipale Luxembourg-Bonnevoie

Auszeechnung fir d'Bouneweger Musek beim World Music Contest zu Kerkrade

Text : **Patrick ZANGERLÉ** | Foto : **François BENOY • WMC**

De Samschdëg 18te Juli 2026 ass d'Fanfare Municipale Luxembourg-Bonnevoie beim prestigiéise World Music Contest (WMC) zu Kerkrade an der 1. Divisioun vun de Fanfaren ugetrueden, ënnert der Leedung vun hirem Dirigent Romain Kerschen.

Mat hirer erneiter Participatioun un dësem Concours, deen oft als Weltmeeschterschaft vun de Museken bezeechent gëtt, huet den Orchester e bewosste Schrëtt a senger musikalescher Entwécklung gemaach.

D'Bouneweger Musek huet e programmatesch usprochsvollen Optrëtt gebueden, mat dem Imposé "Apatheia" vum Kevin Houben an "The Lords of Masmine" vum Jan van der Roost. E besonneschen Héichpunkt vum Programm war d'Wierk "Stellarium", dat de Lëtzebuerger Komponist Georges Sadeler speziell fir d'Bouneweger Musek fir dëse Concours geschriwwen huet. D'Jury, bestehend aus dem Luud Goossens, Jan de Haan, Luc Vertommen a Frans-Aerth Burghgraef, huet d'Leeschtung vum Orchester mat 85,53 Punkten (16t Plaz) bewäert a mat enger Goldmedaille ausgezeechent.

De President vun der Bouneweger Musek, François Benoy, huet sech stolz iwwert den Optrëtt gewisen: „Ech sinn immens houfreg op eis 68 Musikantinnen a Musikanten. D'Aarbecht an d'Disziplin, déi si an de leschte Méint an dëse Projet gestach hunn, ass remarkabel.“.

Den Dirigent Romain Kerschen huet d'Leeschtung vu senge Leit op der Bühn erfirgestrach: „Vun der éischter bis zur leschter Sekonn war d'Konzentratioun ze spieren an de Wëllen vun all eenzelnen den eegene Maximum ze ginn – genee dat huet dësen Optrëtt esou speziell gemaach.“



D'Fanfare Municipale Luxembourg-Bonnevoie seet dem Kulturministère an der Stad Lëtzebuerg e grousse Merci fir hir finanziell Ënnerstëtzung, déi dës Participatioun méiglech gemaach huet. De Weekend zu Kerkrade huet sech nieft der musikalescher Leeschtung awer och als flott Erliefnis gewisen. „Merci wëlle mir och all deene Leit soen, déi eis op eisem Wee op Kerkrade ënnerstëtzt hunn an eis mat léiwe Wënsch gratuléiert hunn nom Concours“, esou de President.

Mat dësem Optrëtt ass d'Bouneweger Musek an d'Summerpaus gaangen. D'Musikanten kucken awer schonn no vir: Direkt no der Vakanz ginn d'Prouwe weider. Den 25. Oktober spillt d'Bouneweger Musek e Concert zu Uesweiler, fir de 100. Anniversaire vun der lokaler Musek ze feieren.



Dëse Concert ass offréiert von der Firma
Schilling vo Fëschbech/Klierf

SCHILLING

MOVIE SYMPHONY
EURO SYMPHONIC ORCHESTRA
Direction : Pascal PEIFFER



Les plus grandes musiques de films

- Orchestre symphonique live – 40 musiciens
- Écran géant & montages vidéo synchronisés
- Voix soliste Morgane Crasson

Musiques légendaires de
John Williams • Ennio Morricone • Yann Tiersen

28 novembre 2026
Centre Culturel Wincrange
à 20h
Tickets: 25 Euro
www.ticket-regional.lu

50 Wëntger Musik

26.Dezember 2026
Galaconcert zu Wëntger
20h am Centre Culturel

SAVE THE DATE

Société Musicale Wincrange ënnert der Leedung vam Gérald Evrard

Harmonie des mineurs Esch/Alzette

Summersaison bei der Harmonie des mineurs vu Esch/Uelzecht

Text : **Laura ASCANI** | Foto : **BAME**

Summerfestival vun der Eecher Musek

De 7. Juni huet eis Musek fir di alleréischte Kéier um Museksfestival vun der Eecher Musek gespillt. Nodeems eis Musekskolleegen vun Hierber a vun Helperknapp-Béiwen en ofwiesslungsräiche Programm gespillt hu, war et dunn un eis. Mäer hu bekannte Melodien aus der Danz-Filmwelt gespillt. Desweideren hu mer fir éischte Kéier e Marsch aus eisen eegenen Archiven op engem Concert gespillt. Dat ass de Marsch "64 rue de la Hiehl" a gouf vu kéngem anere geschriwwe wéi vun eisem eemolegem Chefdirigent dem Marco Turci.



De Concert hu mer da mat Märsch aus dem lëtzebuergesche Repertoire an dem traditionellem Mineur-Marsch ofgeschloss. Fir di alleréischte Kéier ass et da mat zwou Navetten nees zréck op Esch gaangen, dat aus logistesche Grënn.

Traditionelle Mammendaags-Concert an der Escher Cipa.

Den 13. Juni huet d'Bame wéi Traditioun et wëllt e Mammendaags-Concert an der Cipa gespillt. D'Harmonie des mineurs spillt nämlech all Joer de Weekend vum Mammendag e Concert an der Cipa zu Esch. Dëst fir de Mammen aus der Cipa eng kleng Freed ze maachen an di eelsten Damm aus dem Haus ze éieren. Nei war dëst Joer, datt eise Supporter-Club mat Pompoms ausgestatt ginn ass, fir eis besser ënnerstëtzen ze kënnen. D'Laït ware begeeschtert an eis Museker glaïch mat. De Concert gouf da mat enger Agape ofgeschloss.





Ausfluch op Skt. Ingbert bei d'Bergkapelle Skt. Ingbert

Knapp e Mount mei spéit huet sech dann eis ganz Equipe op de Wee fir op Skt. Ingbert gemaach. De 4. Juli si mer mam Bus op Skt. Ingbert gefuer fir eis Kolleege vun der Bergkapelle Skt. Ingbert besichen ze goen an e Concert um Ingobertus-Fest ze spillen. Zu Skt. Ingbert ukomm, krute mer dann en offiziellen Empfang vum Oberbürgermeister vu Skt. Ingbert, senge Gemengevertrieder an dem Comité vun der Bergkapelle Skt. Ingbert. Immens gefreet hu mer eis iwwert eis Goodie-bags mat Souveniren aus der Stad Skt. Ingbert. No engem Willkommens Patt ass et dann direkt weider op Ingobertus-Fest gaange wou mer dann e Concert bei summerlechen Temperature gespillt hu. Well d'Bergkapelle Skt. Ingbert eng Museks-Challenge ausgeruff hat, hu sech e puer Musekanten net huele gelooss an hu bewise, datt si net nëmmen instrumental fit si, mee datt si och gesanglech talentéiert si. No der Challenge ass et da séier an d'Hotel gaange fir eiser ganzer Equipe eng kleng Rascht ze gönnen ier et dann zesummen op den Dinner gaangen ass. An gemittlecher Ronn ass dësen Dag musekalesch bei beschter Laun op en Enn gaangen. De nächsten Dag krut eis Equipe eng Visite vum Besucherbergwerk Rischbachstollen wou mer da sécherheetskonform Gezei ugedoe kruten. No der Visite huet eis Musek e flotte Concert vun de Stollenmusekanten aus de Reie vun der Sankt Ingberter Bergkapelle gespillt kritt. Ganz häerzlech si mer mat engem Schwenkbraten an engem gudde Menü verwinnt gi. Der ganzer Bergkapelle vu Sankt Ingbert an hirem neie President dem Emanuel Aquilotti soe mäer villmools Merci fir hir Häerzlechkeet an hir Betreiung wärend eisem Besuch bei hinnen.



Déi optimal Plaz fir Äre Concert ze weisen

Begeeschtert e breede Public iwwer **POP TV**, **Eltrona** a **Visual Online**, souwéi um **Smartphone**, **Tablet** an **PC**, mat enger professioneller Video-Produktioun vun apart TV.

info@apart-tv.lu 26 37 44 37

Modern Technik - Flexibel Emsetzung - Méi Visibilitéit fir Äre Verain

apart TV
lifestyle, business and culture



Äre Sound. Är Bühn. Äre Moment.

Garnecher Musek

D'GARNECHER MUSEK
INVITÉIERT OP HIRE

WANTER CONCERT

2 MUSEKEN. 1 DIRIGENT. 100 MUSIKANTEN.

ZESUMME MAT DER HARMONIE
MUNICIPALE ROLLINGERGRUND

den 28. November 2026
um 19:30 Auer

zu Garnech
an der Sportshal
(46, rue de l'Ecole)

DIREKTIOUN: UILSON CASTRO

ENTRÉE
ERWUESSENER A KANNER AB 12 JOER 10 €

www.garnechermusek.lu



DECEMBER 5, 2026

HIGHLANDS OF HOPE

CONCERT DE BIENFAISANCE
AU PROFIT DE Wonschstär

19:30
"Musekssall
Kielen"

Buvette et Catering – Entrée libre
8, rue du Centre, Kehlen,LU

THE LUXEMBOURG PIPE BAND

Ensemble Vocal Jubilate Musica

Quand Middelburg résonne de mille voix

Texte : **Claudette MEYERS** | Photos : **Ensemble Vocal Jubilate Musica** **www.jubilatemusica.lu**

Quand Middelburg résonne de mille voix : L'Ensemble Vocal Jubilate Musica au festival Middelburg VÒLkoren

Notre joie a été grande lorsque nous avons appris en janvier que nous allions pouvoir participer à la 28e édition du Middelburg VÒLkoren aux Pays-Bas. Ce festival a lieu chaque année le premier week-end de juin dans la magnifique vieille ville de Middelburg.

Les semaines qui ont précédé notre départ étaient rythmées par des répétitions intensives sous la direction de notre chef de chœur Nicolas Billaux. Comme nous avions décidé d'effectuer le trajet en covoiturage, nous sommes partis respectivement le vendredi 5 et le samedi 6 juin. Nous avons ainsi pu, samedi, découvrir la belle ville de Middelburg et assister à différents concerts donnés par les 87 chœurs participants. Les concerts avaient lieu entre midi et 17h selon un programme bien pensé dans des lieux très variés, notamment dans les nombreuses églises et sur des places telles que Abdijplein et Marktplein. Une pause de 15 minutes après chaque prestation a permis au public et aux choristes de se rendre dans un autre lieu ou bien de se reposer et de se restaurer.

Les chœurs qui se sont produits devant le public couvraient un très large éventail de styles. Nous avons pu écouter des chœurs d'hommes, des chœurs de femmes et des chœurs mixtes qui comptaient entre 6 et 60 chanteurs. Certains se consacraient exclusivement à un répertoire sacré, d'autres à un répertoire pop, tandis que d'autres encore proposaient un programme couvrant différentes époques.




Après une brève répétition samedi soir dans un hôtel, nous nous sentions bien préparés pour nos concerts de dimanche. Mais avant cela, un dîner tous ensemble dans un excellent restaurant était au programme. Ce fut une soirée très conviviale.

Dimanche, nous faisions partie des 67 chorales qui ont chacun donné deux concerts d'une demi-heure à chaque fois. Jubilate Musica était la seule chorale venue du Luxembourg. Lors de l'échauffement vocal à la Doopsgezindekerk, nous avons pu nous accoutumer à l'acoustique et nous imprégner de l'ambiance qui régnait dans cette église mennonite. Lorsque nous croisions ensuite des mélomanes dans les ruelles de la vieille ville, nous leur remettions un flyer avec un quiz afin de les attirer vers les lieux de nos concerts.

Notre premier concert s'est déroulé dans la salle au Hofje onder den toren, où le public a écouté attentivement nos prestations. Notre programme comportait des chants qui célébraient l'amour sous ses différentes facettes : l'amour pour la nature (D'Margréitchen, Song of the Beautiful), l'amour pour la patrie (Anthem, Esta tierra), l'amour pour la Vierge Marie (Hail Holy Queen/ Sister Act) et bien sûr la relation entre deux amants (Rosa amarela, This is My Song, Set Me as a Seal, Another Day of Sun).



Notre deuxième concert à la Doopsgezindekerk a été accueilli avec beaucoup d'enthousiasme par le public qui nous a réservé une ovation. C'est ainsi que s'est achevée notre participation au festival VÒLkoren à Middelburg. La tête pleine de beaux souvenirs, nous avons pris le chemin du retour vers le Luxembourg.



Concert de la Sainte-Cécile

HARMONIE MUNICIPALE DIFFERDANGE
HARMONIE PRINCE GUILLAUME

29.11.2026

17H00 | 15 € / 7.50 €

Aalt Stadhaus

Direction
VÉRONIQUE BERNAR & LEROY VANDIVINIT

WWW.HMDIFFERDANGE.LU

Douane's Musek

Disney Musical Tarzan

Text & Fotoen : **Änder FRIDEN** **www.douanes.public.lu**



Douane´s Musek huet vum 22. bis de 27. Juli 2026 eng Rees op Hamburg gemaach fir seng Musikantinnen a Musikanten ze beloune fir dat wat si an de leschten zwee Joer geleescht hunn. Nodeems jiddereen säin Zëmmer zougewise krut ass nach Zäit bliwwe fir d´Been iwwer d´Reeperbahn ze vertrëppelen oder op d´Dom-Kiermes ze goen. Den anere Moie war en Tour mam Hafencity Riverbus, e Schwammbus, um Programm. Vun der Speicherstadt ass et duerch d´Hafencity bei den Holzhafe gaange wou mer dann och duerch d´Elbe gefuer sinn. Dësen éischten Héichpunkt huet bei de Bedeelegten eng grouss Begeeschterung ervirgeruff, mä den Dag war nach laang an owes sollt et dann an den Disney Musical TARZAN an den Theater „Neue Flora“ goen. Hei huet d´Begeeschterung keng Grenze méi kannt wéi d´Akteuren iwwer d´Käpp vun de Spectateure geflu sinn. De musikaleschen an artisteschen Deel hunn d´Leit praktesch vun de Sëtzer gerappt.



Den aneren Dag war e weideren Héichpunkt um Programm, d´Visitt vum Miniatur Wunderland. Wat hei am klenge Format opgebaut ass huet esou munch Ae grouss gi gelooss. Et gëtt een es net sat ze gesinn wéi detailléiert alles do steet, et huet een sech op der reeller Plaz gefillt. Wann ee schonn an der Stad vum däitschen Zollmuseum ass, da muss een als Douane´s Musek selbstverständlech och dohinner goen. Wonnerbar dokumentéiert ass do den Alldag vum Douanier vu fréier bis haut, spannend Geschichte vu Schmuggler an Douaniere sinn hei ze gesinn. Groussen Uklang huet natierlech d´Zollboot fonnt, och well een do bis an de Motorraum konnt kloteren.



A wann eng Musek zu Hamburg ass, dann däerf d´Elbphilharmonie um Programm net feelen. Op eiser Visitt konnte mer dann och hannert d´Kulisse gesinn an op den Daach fueren déi schéin Aussiicht iwwer Hamburg genéissen. Wat feelt nach wann een zu Hamburg ass? Natierlech e Labskaus-Iessen, dat deen een oder aneren an engem vun deene ville lokale Restaurante genoss huet. All schéi Rees kritt och eng Kéier en Enn an um Heemwee sinn d´Iddie vun enger nächster Rees ausgetosch ginn.



UGDA - Editions

From The Samsa Film Motion Picture

"De Superjhemp Retörns"

Comp. : Felix RAFFEL

Arrangement fir Harmonie-Orchester mat Piano

vum Sandro BUCCIARELLI

Superjhemp Retörns - Letterbox - Getting Out There Again - Monarchy - Flying Montage - Victory

D'Noutematerial am PDF ass ze kréie bei :

UGDA-Editions, direction@ugda.lu

(Centre de documentation/Partitions)

"D'Kondschafterléid"

de Maacher Kondschafter an der Bech-Berbuerger Musek gewidmet

Musek an Text :

Nik BOHNENBERGER

D'Noutematerial am PDF ass ze kréie bei :

UGDA-Editions, direction@ugda.lu

(Centre de documentation/Partitions)

"Pandemica 2020"

Comp. Sam KOOB

Arrangement fir Harmonie an Fanfare

mat optionale Solo fir en Sib Instrument
(Piccolo Trompett, Klarinett oder Saxophon Sopran)

D'Noutematerial am PDF ass ze kréie bei :

UGDA-Editions, direction@ugda.lu

(Centre de documentation/Partitions)





Chorale Municipale Sängerbond Dikrech

"Am Wandel vun den Zäiten !"

Text & Fotoen : **Chorale Municipale Sängerbond Diekirch** **www.sbd.lu**

Ënnert dem Motto “Am Wandel vun den Zäiten” konnt ee vum 6. bis den 28. Juni am Dikrecher Geschichtsmusée eng Ausstellung gesinn, déi d’Geschicht vun 175 Joer Dikrecher Sängerbond erzielt huet. Iwwert zwee Stäck krut een Abléck an déi wichtegst Etappe vun engem vun den eelste Gesangveräiner vu Lëtzebuerg.



D’Ouverture vun der Ausstellung, de 5. Juni, gouf mat engem kuerze musikelesche Programm vum Dikrecher Sängerbond ënnermolt. D’Freed war grouss, bei dëser Geleeënheet nieft dem Kulturminister Eric Thill an enge séllege Lokalpolitiker och d’Éierepresidenten a vill fréier Membere vum Veräin kënnen ze begréissen.

De Weekend vum 27. an 28. Juni stoung zu Dikrech da ganz am Zeeche vum Gesang. Am Kader vu sengem 175. Anniversaire hat den Dikrecher Sängerbond op ee Gesangsdag invitéiert.

Samschdes, de 27. Juni goung et moies lass mat engem Sing-Along-Workshop ënnert der Leedung vum Annick Hermann, Enseignante fir Chant moderne am Conservatoire du Nord. Mat senger matrappender Aart konnt d’Annick déi bal 30 Participantë begeeschtere fir am Grupp zesummen ze sangen.

Mëttes goung et da viru mat engem Circle Songs Workshop ënnert der Leedung vum Nicolas Billaux a Jeff Mack vum Institut Européen de Chant Choral (INECC). Déi ronn 15 Participanten hunn an dësem interaktive Workshop zesumme Melodien improviséiert, dat Ganzt ouni Nouten.



D’Chouerschoul aus dem Conservatoire du Nord huet da mat hirem Concert „Geister, Fabelwesen und das Übersinnliche“ den Ofschloss vun dem éischte Gesangsdag gemaach. Ënnert der Leedung vum Matthias Rajczyk a begleet um Piano vum Anette Fischer-Lichdi hunn déi ronn 60 jonk Sänger*innen de Public verzaubert.

Sonndes, den 28. Juni stoung dann een Atelier fir Kanner tëschent 5 a 15 Joer um Programm. Am Dikrecher Geschichtsmusée huet d’Maike Wendt, Dirigentin vun de Sollebutzen, mat de Kanner gebastelt a gesongen an hinne spilleresch d’Freed um Gesang vermëttelt.

Als Ofschloss vun dësem gelongene Weekend hunn d’Dikricher Solschlësselcher hire Summerconcert presentéiert. Den Ufank hunn hei déi ronn 20 Sollebutze mat hirer Dirigentin Maike Wendt gemaach. D’Sollen, ënnert der Leedung vum Daniel Mujzer an um Piano begleet vum Georges Urwald, wousste mat hirem moderne Programm ze iwwerzeegen.

Kuerz drop, den 9. Juli, hat den Dikrecher Sängerbond dann déi grouss Éier den Ouverturesconcert vum Volléksfest „Al Dikkrich“ ze sangen. An der Aler Kierch zu Dikrech huet de Chouer ënnert der Leedung vum Dirigent Jean-Paul Majerus a begleet um Piano vum Jos Majerus „Lëtzebuerger Melodien“ zum Beschte ginn.

E puer Deeg méi spéit, den 12. Juli war de Sängerbond mat dem selwechte Programm op Besuch am Veianer Schlass, ier et dunn an déi wuelverdéngte Summerpaus goung.



De Weekend vum 7. an 8. August ass den Dikrecher Sängerbond du mat de Frënn vun der Chorale Sainte-Cécile Dikrech bei summerlechen Temperaturen duerch d’Stroosse vun Dikrech gezu fir den Hämmelsmarsch ze sangen. Zënter 1987 ass den Hämmelsmarsch ee wichtege Rendez-vous am Kalenner, deen déi laangjäreg Frëndschaft tëschent deenen zwee Gesangsveräiner stäerkt.

Ab September fänkt den Dikrecher Sängerbond mat de Prouwe fir ee weideren Héichpunkt am Anniversairesjoer un: den 12. an 13. Dezember séngt d’Entente vun den Dikrecher Gesangsveräiner de Concert „Noël en lumière 2026“.

Zesumme mam renomméierte Blechbléiserensemble MAGNIFICA vu Paräis, sangen a musizéieren hei iwwer 90 Sänger*innen, hauseege Solisten*innen a Muséker.

ONJ

ORCHESTRE NATIONAL
DES JEUNES
DU LUXEMBOURG

CALL FOR PARTICIPANTS



SPRING PROJECT 2027

31.03.-11.04.2027
Mierscher Theater

Soloist: Alexander Gavrylyuk, piano
Conductor: Pit Brosius

S. Prokofiev: Piano Concerto No. 3, Op. 26
J. Brahms: Symphony No. 2, Op. 73

SUMMER PROJECT 2027

21.07.-02.08.2027
Conservatoire de la Ville de Luxembourg

Soloist: Johannes Moser, cello
Conductor: Pit Brosius

P. I. Tchaikovsky: Romeo and Juliet, Fantasy Overture
P. I. Tchaikovsky: Variations on a Rococo Theme, Op. 33
M. Mussorgsky / M. Ravel: Pictures at an Exhibition

INFOS & APPLICATION
www.onj.lu

DEADLINE: 01.12.2026
Keep checking for open vacancies afterwards

NEW: LIVE AUDITION POSSIBLE!
Weekend of 12.-13.12.2026

PHOTO: CAUTIONG DALUXEMBOURG

MIERSCHER THEATER
COMMUNE DE MERSCH
Conventionné avec le ministère de la Culture
funded by œuvre nationale
FONDATION LOUTSCH-WEYDERT LUXEMBOURG
CONSERVATOIRE DE LA VILLE DE LUXEMBOURG



Merci aux donateurs

qui ont soutenu les activités culturelles de ses associations affiliées

Période de mai à septembre 2026

A
Autocars Altmann

B
Bache Claude
Backes Gilles BG052
Baustert Johny
Beim Bonsai SARL
Besch Joel
Bettendroffer Claude
Biwer-Erpelding Robert
Boden Laurent
Brandenburger Paul SARL

C
Clobes Solange
Cognioul-Loos Martine et/ou Guy
Courte Elisabeth
Czibula-de Kempeneer Peter

D
Dahm Jacques
De Bortoli-Touddaint
Denys Martine
Dondelinger Rene et/ou Stolz-Page Diane
Dr Lorenz Michele
Duhr Anne-Marie et Schmitz Max

E
Eich Nico
Eiffes Gilles
Eiffes-Osweiler Roger
Elsen Claude
Engel Jean-Pierre

F
Fantini Nicole
Franzen Uwe
Frisch-Courte Jean-Pierre
Fuerpass Roland

G
Giberyen Gaston
Gieres-Wiltzius
Gindt Luc
Glod-Heintz Jean
Godart Leonie
Goebel Karsten
Goebel Marc
Gottal-Peiffer Elisabeth

H
Hamer-Hermes Michel
Hammerel Jean-Paul
Hausemer Hubert
Heinemann David
Helfenstein Jimmy
Hilger Agnes
Hoffmann Viviane
Hommel Marco

J
Jacobs Gilbert
Jacobs Maria
Jost-Steil Jean-Paul
Jungels Jean-Joseph

K
Kappler Steve
Kaufmann Marc et/ou Anzia Leontine
Kemmer Marie
Kettel Jeanny
Kinnen Nadine
Klepper Jeanne
Köller-Willems Danie et Carlo

L
Lambinet Claudine
Laux-Ludwig André
Leger Christiane
Leiner Jose
Louis Scuri et Cie SARL
Lucas Pascal
Lutgen Romain

M
Marx Theodore
Mathekowitsch Marcel
Meisch Liss
Melsen-Becker Marco
Mergen-Roben Pierre
Mergen-Schwartz Paul et Corinne
Meyer Michel
Meyers Claudette
Michels Annette
Michels Liliane
Milmeister Jean
Mitsch Jean
Music and Tools

N
Nickels Luc

P
Peffer André
Peffer Jean

R
Rasquin Fernande
Rechtfertig Louise
Reusch Jutta
Rinnen Armand
Robert Kazmierczak
Ronovska Helena
Rossetti Adele

S
Schaaf-Schmitz Raoul
Schiltz Fernand
Schiltz Jean
Schintgen Anouck
Schleck Claudine
Schmit Marianne
Schmit Nicole
Schmit Robert
Schuh Armand
Schumacher-Osweiler Yves
Sliepen-Brachmond Mathias
Stammet-Gleis Jean
Staudt Patrick
Steffen-Poirier Romain
Stoffel Jean Martin
Sunnen-Wolff Jean-Claude

T
Theisen Liliane
Theiss Christophe
Thill Rene
Thiltgen-Block Romain
Traufler-Martiny Guy et/ou Marianne

W
Waagner-Biro SA
Wagner Marie-Jeanne
Wallerich-Schmitz Sylvain
Weber Germain
Welter Nicolas
Wildgen Véronique
Wilhelm-Petry Nicolas
Wiltzius Claude

Union Grand-Duc Adolphe

Reconnue d'utilité publique
par loi spéciale du1er juin 1989.

Les dons peuvent être versés sur le compte

LU10 1111 0043 0032 0000
(CCPL) de l'UGDA.


www.facebook.com/chapier.lu
www.linkedin.com/company/chapierluxembourg
chapier
chapier School
chapier Packaging
chapier Goodies
chapier Print
2026
chapier Packaging
www.chapier.lu
tél. +352 37 08 40
Carrément bureau
hygiène & packaging en plus !
chapier


Stage music
WWW.STAGEMUSIC.LU
Vente
(Showroom de 800 m²)
Location
(instruments, scène et studio)
Réparation
(Tout instrument et équipments audio)
(Intervention à domicile possible)
Webshop
www.stagemusic.lu
Livraison à domicile
Partitions et livres éducatifs
Guitares, basses
Batteries
Percussions
Matériel de studio
Pianos & Claviers
Grand choix d'accessoires
Pro Musica
by Stage music
Vente et location d'instruments à vent
Service après-vente
Maintenant à Sandweiler
Grand choix d'accessoires
Webshop
www.stagemusic.lu
HEURES D'OUVERTURE:
FERMÉ LE LUNDI
DU MARDI AU SAMEDI: 10:00H À 18:00H
MUSIC
ROUTE DE LUXEMBOURG L-5230 SANDWEILER |
+352 26 15 91 | INFO@STAGEMUSIC.LU |
WWW.STAGEMUSIC.LU
@STAGEMUSIC
@STAGEMUSICLUXEMBOURG

A VENDRE

Piano à queue

Piano à queue C. Bechstein, Modèle A des années 60, fabrication allxemande, à deux pédales

Expertisé par «Pianos Kleber"en date du 28 septembre 2019 /estimé à une valeur de 20.000€.

Tel. : +352 621 484 458

Saxophone Alto

Forest France Design. – mit Koffer - Halstragegurt - Jahr 2015 - Neuwertig - mit Abstellgestell

Prix : 540 €

Tél. : +49-151 25 40 03 60 - klariro@t-online.de

Saxophone Tenor

Marke : MPM-Instruments - Ident-Nr : 15647TDE - Mit Koffer - Halstragegurt - Jahr 2017 - Sehr guter Zustand. Mit Abstellgestell.

Preis : 720 €

Tel. : +49-151 25 40 03 60 - klariro@t-online.de

Trompete

Chateau USA - Goldfarbig - mit Koffer. Optisch bedürfte das Instrument einer neuen Lakierung.

Preis : 200 €

Tel. : +49 151 25 40 03 60 - klariro@t-online.de

Piano à queue

Essex design Steinway & Sons / EGP 155, neuf. Très peu joué. Ebénisterie en noir. Banquette réglable assortie, pelotte cuir.

Prix : 8.000 € (à discuter).

molale1968@gmail.com

Soundwear Professional Bag fir Basstrombonn

Verkaafspräis : 420 €.

Tel. : 691 63 35 39 - makusch@tango.lu

Violon

Violon 4/4 en bois massif, entièrement vernis à la main, dos en une seule partie.

Prix : 1.000 € (à discuter)

Tél. : 621 701 428 - attal.lux@gmail.com

Schiebetafel

Hochwertige Schiebetafel mit Notenlinien, gebraucht, in sehr gutem Zustand.

Preis : 400 €
Tél. : 621 13 38 65 - raas-haupert@t-online.de

E-Guitar

E-Guitar "Ibanez premium", couleur brun (rosewood), avec repose-pied, amplificateur (Hughes&Kettner), Line 6 Pocket Pod, hard case + divers accessoires. Acquisition : novembre 2016

Prix : 550 €

Tél. : 621 45 47 91 - rwolff@pt.lu

Bariton

Bariton an B, Mark Eastmann, vollkompenséiert matt Valise

Präis : 1400 €
Tel. : 621 72 71 16 - freirog@pt.lu

Disc Cymbals - Bass Drum

